N°75
Entrée le 30.11.2023
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 01.12.2023

adr
Groupe parlementaire

Här Claude Wiseler
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 30. November 2023

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Banneminister weiderzeleeden.

A sengem Arrêté Nummer 00187 vum 17. November 2023 huet d' Verfassungsgeriicht festgehalen, datt den Artikel 3, Paragraph 2, Punkt 2 a) vum Gesetz vum 14. Dezember 2016 iwwert d'Gemengefinanzéierung net konform zum Artikel 107 vun der aler Verfassung (Artikel 122 no der neier Verfassung) steet. Dat aktuellt Urteel bezitt sech op d'Joren 2017 an 2018. RTL weist an engem Reportage zum selwen Thema awer doropshin, datt och fir d'Joren 2019 an 2020 nach Geriichtsurteeler ausstinn.

An deem Zesummenhang géif ech dem Här Banneminister gär dës Froe stellen:

1) Wéi reagéiert den Här Minister op dës Urteel?
2) Kann den Här Minister elaboréieren, wéi eng potentiell Konsequenzen sech retroaktiv aus dësem Urteel fir d'Finanzéierung vun de Gemengen erginn? Kann den Här Minister matdeelen, op hien eventuell betraffe Gemengen onmëttelbar doriwwer informéiert, falls si domat musse rechnen, Fongen ze rembourséieren, fir den entspriechende Risiko bei der Opstellung vun hirem aktuelle Budget berécksiichtegen ze kënnen?

Mat déiwem Respekt,

Fernand Kartheiser
Deputéierten

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Affaires intérieures

**Äntwert vum Här Inneminister, Léon Gloden, op d'parlamentaresch Fro n° 75 vum honorabelen Deputéierte Fernand Kartheiser zum Sujet "Arrêté en matière de finances communales"**

**Fro 1**

D'Urteel n°187 stellt fest, dass de Kritär vun der „population ajustée" fir d'Steierjoer 2017 net präzis genuch am Gesetz definéiert gouf. Ergänzungen zum Kritär ware virun 2019 an engem Règlement grand-ducal festgehale ginn, sou datt den deemolegen Artikel 3, Paragraf 2, Punkt 2, Buschtaf a) vum geännerte Gesetz vum 14. Dezember 2016 iwwert d'Gemengefinanzéierung net konform zum alen Artikel 107 vun der Verfassung war.

D'Effekter a Konsequenze vun engem Urteel vum Verfassungsgeriicht ginn an der Verfassung am neien Artikel 112, Paragraf 8, festgehalen. Dësen Artikel gesäit nämlech vir, dass d'legal Auswierkunge vum Gesetzartikel, dee géint d'Verfassung verstéisst, den Dag nom Urteel ophalen. An dësem Fall ass et awer sou, dass den deemolegen Artikel 3, Paragraf 2, Punkt 2, Buschtaf a) vum geännerte Gesetz vum 14. Dezember 2016 iwwert d'Gemengefinanzéierung duerch d'Gesetz vum 26. Abrëll 2019 geännert gouf, sou dass d'Dispositioun, déi d'Verfassungsgeriicht als net konform zum alen Artikel 107 vun der Verfassung deklaréiert huet, souwisou säit 2019 keng Auswierkunge méi huet.

**Fro 2**

Zu de konkrete budgetäre Konsequenzen an Auswierkunge kann eréischt Positioun geholl ginn, nodeems en Urteel vum administrative Riichter geholl ginn ass. Selbstverständlech wäerten d'Gemengen och onmëttelbar informéiert ginn.

Lëtzebuerg, den 22. Dezember 2023
Den Inneminister
(s.) Léon Gloden